16 Projeten ginn an der 1. Sessioun vun dësem Joer vum Filmfong finanziell ënnerstëtzt

De Comité de sélection huet an dëser Sessioun net manner wéi 27 Projeten analyséiert.

16 Filmprojete kréie finanziell Ënnerstëtzung vum Filmfong. Dat huet de Comité de sélection de Méindeg den Owend matgedeelt.

An der Produktioun goufen 2 Projeten vun lëtzebuerger Réalisateuren ënnerstetzt :

- Den VR Projet Oto‘s Planet vum Gwenael François ;
- De Court-métrage Birth vum Larisa Faber.

Am Ganzen ginn 4 Filmer, 3 Animatiounsfilmer, 2 Dokumentarfilmer, 1 Doku-Fiction Film, 3 Serien, 1 Kuerzfilm an 2 XR Projeten finanziell ënnerstëtzt.

De Comité de sélection kennt all Joers véiermol zesummen, déi nächst Sessioun wärt dann am Mee 2023 statt fannen.

Déi komplett Lëscht mat alle Projeten, déi zeréckbehale goufen, fannt Dir am offiziellen Pressecommuniqué vum Filmfong.